



ënnert der Videospillbranche konkret hei zu Lëtzebuerg? Déi gréisser Entreprises, déi sech iwwert déi lescht Joren hei am Land nidderge-looss hunn, schénge mir éischter Publisher vu Spiller ze si wéi Entreprises, déi am Développement schaffen.

Et ass awer grad de Volet vum Développement vun der Videospillbranche, deen am interessantsten ass, well et dee méi kreative Volet ass. Et geet do ënner anerem ëm héichqualifizéiert Aarbechtsplazen a ganz vielfältege Beräicher. Fir een usprochsvolle Videospilltitel hierzustellen, brauch een d'Kompetenz, ënner anerem, vu Programmierer, Grafiker, Kënschtler aus dem audiovisuelle Beräich, Auteuren, Iwwersetzer an esou weider. Déi Branche kéint zu enger Diversifizéierung vun eiser Ekonomie bäidroen, wa mer eis net just op de Volet vun de Publisher beschränken, mä och op d'Kreativindustrie setzen, déi do derhannert steet.

D'Uni Lëtzebuerg kéint hei agebonne ginn an eng Roll spillen. Mir hunn och am Secondaire Méiglechkeeten, fir jonk Leit an de Beräicher vun der Informatik, Grafik, 3D-Design an esou weider auszubilden. Mir hunn Netzinfrastrukturen, déi attraktiv sinn an nach méi attraktiv ginn. Mir hunn am europäesche Vergläich Sproochervielfalt a Sproochekompetenz. Dat sinn alles Virussetzungen, déi, esou menge mer, en attraktive Kader schafe fir d'Kreativindustrie am Beräich vun de Videospiller.

Aner Länner hu scho virun 20 Joer, wou d'Gaming-Branche nach an de Kannerschong stoung, hei investéiert. De Québec zum Beispill ass duerch eng geschéckt ekonomesch Weichestellung haut zu engem vun den zentrale Standuerter fir d'Videospillentwécklung ginn an huet dat säitdem net bereit, well déi Branche duerch ëmmer méi performant Technologie quasi stänneg am boomen ass a sech haut virun der Film- a Museksindustrie net méi ze verstoppe brauch. Videospiller sinn haut, genoe wéi Film a Musek, Kulturgut. A genoe wéi bei Film a Musek dréit déi Branche gutt a schlecht Friichten. Dofir sollt ee se och als Kulturgut fërdere, wat gläichzäiteg och eng ekonomesch Perspektiv mat sech bréngt.

Am Regierungsprogramm hu mer an deem Kontext stoen, ech zitieren eng Kéier kuerz d'Säit 65: «Le Gouvernement continuera à soutenir activement le secteur de la production audiovisuelle, en tenant compte des nouvelles formes de production de contenus tels que le gaming et notamment ceux liés à la diffusion sur Internet.» An op der Säit 139 nach eng Kéier: «Le Gouvernement développera également, dans un débat interactif, des initiatives concrètes pour certains secteurs spécifiques, par exemple, un plan d'action sur les industries créatives et la culture numérique, y inclus les nouveaux médias et le gaming.»

Virun deem Hannergrond kommen ech dann zu menge Froen un de Wirtschaftsminister. Eischten wëllt ech gäre méi Geneeës iwwert den Hannergrond wëssen, wéi sou déi zwou Entreprisë Lëtzebuerg verlooosse wëllen. Wéi gesäit de Minister de Standuert Lëtzebuerg an deser Fro? Wéi sinn déi aktuell Aussichten? De Minister hat Enn Mee gesot, et géife Gespréicher mat enger Rei Firmen aus deem Beräich gefouert ginn. Gëtt et do schonn éischt Resultater oder ass et eventuell nach ze fréi do derfir?

Da wëllt ech vun der Regierung héieren, wat konkret geplangt ass, fir Lëtzebuerg als Standuert, nieft den Ureizer, déi et schonn huet, méi attraktiv ze maachen, speziell och fir de Volet vun der Kreativindustrie, also der Spilltentwécklung. Sinn ähnlech Mesurë geplangt, wéi se a ville Länner Usus sinn? Net just am Québec, mä och eis franséisch an eis däitsch Noperen hu reagéiert. Huet sech d'Regierung mat de Modeller aus dem Ausland befaasst?

Schlussendlech: Wat hält de Minister beispillsweis vun enger Aart Gaming-Fong, nom Virbild vum Film-Fong? Dat heescht, datt zu Lëtzebuerg produzéiert Spiller gefërdert respektiv encouragéiert géife ginn. Respektiv, wéi eng aner Forme vu Fërdierung schwiewen der Regierung vir?

An, fir komplett ze sinn, Här Minister, wëll ech lech och eng Fro stellen, oder weinstens mat op de Wee ginn, fir Äre Kolleg Héichschoul- an Educationsminister: Wéi eng Roll kann a soll d'Schoulwiesen an och d'Uni Lëtzebuerg am Kontext vun der Gaming-Branche spillen? Sollen Ausbildungsweeër an déi Richtung am Secondaire ugebuede gi respektiv weider ausgebaut ginn? Wéi steet et an deem Kontext mat der informatischer Fakultéit vun der Uni? Gesäit d'Regierung do d'Chance vu Synergien tëscht de Voleten Ekonomie, Uni a Kultur?

Ech soen lech Merci am Virus fir Är Opmierksamkeet a fir d'Antworten.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Et sief just drop higewisen, dass e seng Zäit erschëpft huet. Wann en dann nach eng Zousaz-

fro ze stellen huet, déi misst da ganz kuerz ausfallen. Den Här Wirtschaftsminister huet d'Wuert.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech probéieren dann och an... Wéi vill Minutten hunn ech, Här President?

► **M. le Président.**- Dir hutt der ganz vill, Dir hutt der zéng.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Zéng. Majo, dat geet duer, fir da komplett ze äntweren.

Fir d'Alleréischt wëll ech dem honorabelen Här Adam soen, dass et effektiv esou ass, dass d'Firma Kabam decidéiert huet, sech vu Lëtzebuerg zrëckzezéien, aus deem Grond effektiv, dass se haaptsächlech dat néidegt qualifizéiert Personal, also Kreativer am Beräich vun der Entwécklung vu Spiller, vum Gaming, dass se déi net fannen an där Zuel, wéi se se brauchen.

Dir hutt vun enger zweeter Firma geschwat, dat ass Zynga, fir se net ze nennen, mä dat war awer eng Feelinformatioun bis dato. Dat heescht, déi hunn nach keng esou eng Décisioun geholl. An dofir wëll ech dat just hei kloerstellen, dass dat net de Fall ass.

Fir op Kabam zrëckzekommen, dat ass eng Firma, déi e bësse manner wéi 20 Leit hei occupéiert, déi, wéi gesot, e Problem huet mat qualifiziertem Personal. Mä ech kommen herno awer nach dorobber zrëck.

Ech mengen, mir hunn zwou Zorte vu Firmen am ICT-Beräich, och am Gaming-Beräich, déi zu Lëtzebuerg sinn. Déi eng sinn haaptsächlech oder exklusiv hei gewiescht weinst dem TVA-Regime, wou Der jo wësst, dass ab 2015 dee Regime ännert. Dat huet näischt mat der TVA-Erhéijung ze dinn, déi déi Regierung hei decidéiert huet, mä dat huet einfach domat ze dinn, dass d'TVA an Zukunft net an deem Land bezuelt gëtt, wou de Produit kaaft gëtt, mä an deem Land, wou dee sëtzt, deen de Produit keeft.

Dat heescht, vu dass mir jo ëmmer dat Land waren, an nach ëmmer bleiwen, mat där niddregster TVA, war et fir déi Firmen en Advantage, hei ze sinn. Et war hinne doduerch also egal wéi een europäesche Client bei hinne kaaft huet, hate se ëmmer déi bëlleegst méiglech TVA. Dat gëllt jo ab 2015 net. An dofir hunn déi Firmen, déi an deem Beräich oder weinst deem Argument hei waren, keen Ureiz méi, dann definitiv hei ze bleiwen.

Mir hunn awer eng ganz Rei, an ech mengen, dat ass déi iwwerwältigend Majoritéit vun de Firmen, déi awer hei sinn, déi och wëllen hei bleiwen, nodeem dass déi TVA-Situatioun do ännert. Firwat? Vlächcht just, fir dat eng Kéier kuerz ze rappeléieren: Wat sinn déi Hauptargumenter, firwat déi Firmen hei zu Lëtzebuerg sinn an och frou hei zu Lëtzebuerg sinn? Zum engen, an da sinn ech bei der Gaming-Industrie ënner anerem, ass et den Environnement sécurisé, also d'securiséiert Paiementer. Well wann Dir e Spill wëllt spillen, musst Der jo och dofir bezuelen. A mir hunn do eng extrem gutt Infrastruktur, wat d'Paiementer ugeet.

Ech wëll lech just drun erënneren, dass Lëtzebuerg vun där héchster Kategorie vu Sécherheitsdatenzentren der direkt véier Stéck huet, dat heescht Tier IV - net well mer der véier hunn, mä den Niveau vu Sécuritéit, deen de Moment definéiert ass als deen Héchsten, deen et gëtt, heescht Tier IV -, a mir hunn där Datenzentren véier Stéck.

Eis grouss Konkurrente si London, Amsterdam, Frankfurt a Paräis. Ech wëll just soen, dass London genoe een esou Datenzenter huet, dass Amsterdam, Frankfurt a Paräis iwwerhaupt keen esou Datenzenter hu vun deem Niveau vu Sécuritéit. Dat heescht, just fir eng Kéier duerstellen, wat mer awer hei an deem Land investéiert hunn an deen dote Beräich. An dat zitt natierlech eng ganz Rei Sociéitéten un, och am Beräich vun der Finanzplaz.

Dann en anere groussen Advantage, dat ass eis Bandbreet, déi extrem gutt ass, well mer extrem vill Investissementer gemaach hunn. D'Latency, dat heescht d'Zäit, déi ee Signal brauch bis op eng Plaz an erëm zrëck, och do si mer absolute Spätzereider!

D'Sécuritéit vun eise Réseauen, wat am Gaming-Beräich extrem wichtig ass, nämlech, dass d'Verbindung net ënnerbrach gëtt. Wann Dir an engem Spill amgaange sidd ze spillen an duerch iergend en Émstand gëtt Är Verbindung ënnerbrach, dat ass net schéin. Dat ass kee Verkafargument. An och do hu mer eng extrem gutt Sécuritéit, e stabile Réseau.

Eis Elektreschpräisser si fir déi dote Firmen, well mer déi an der Kategorie vun den Industrien - also d'Datenzentren - klasséiert hunn, profitéieren déi vun deene beschten Elektreschpräisser, déi mer europawäit hunn.

A wann Der wësst, dass den Haaptkäschtepunkt vun engem Datenzenter d'Consummation vun der Energie ass, well eben extrem vill dovou gebraucht gëtt, wann déi natierlech hir operationell Coûte kënne relativ niddreg halen, well d'Energiepräisser, d'Elektreschpräisser niddreg sinn, da répercutéiert dat sech natierlech och op deenen hir Clienten, den Datenzentren hir Clienten, nämlech d'Gaming-Firmen, a kënne also präiswäert hei hir Offeren och ubidden.

Fir eng ganz Rei Firmen ass et och wichtig, dass een zu Lëtzebuerg kann zu honnert Prozent sech approvisionnéieren u grénge Energie. Virun allem mierke mer, dass IT-Firmen aus den USA ganz staark dorun interesséiert sinn, fir sech och dee grénge Mantel do kënne unzedinn. An de Fait, dass mir à même sinn, fir honnert Prozent gréng Energie unzebidden, ass och oft e wichteg Verkafargument.

An dann, last but not least, eppes wat eemoleg ass zu Lëtzebuerg, wat mer an anere Länner net hunn, dat ass eist neit Faillitëgesetz an deem dote Beräich. Wou et esou ass, dass de Client, deen an engem Datenzenter ass, also ech soen elo emol d'Gaming-Firma, déi am Datenzenter Client ass, fir iwwert deen eben hir Clienten ze zerwéieren, dass déi am Fall vun enger Faillite vun esou engem Datenzenter d'Recht huet, hir Donnéeën, déi se am Datenzenter huet, ze récupéieren, ier herno déi Installatioun kënne verkaaft gi respektiv an d'Mass vun der Faillite ginn. Dat gëtt et néierens soss.

Dat heescht, wann Dir Client an esou engem Datenzenter sidd an aneren europäesche Länner an den Datenzenterbedreiwer ass Faillite, dann ass alles, wat Dir do stockéiert hutt, all Är Donnéeë si fort. An dat hu mir hei net. Dat heescht, Dir hutt hei d'Chance dat ze récupéieren. Wat natierlech extrem wichtig och fir déi Firmen ass, dass se hir Bases de données awer nach hunn.

Bon, vlächcht nach eng Remarque. Do gëtt et jo en internationalen Index, deen an 148 Länner erhuewe gëtt, fir d'Kompetitivitéit vun de verschidene Länner am Standuert vum ICT-Beräich ze kontrolléieren, dat ass den „Networked Readiness Index“. Do ware mer 2012 op der Plaz 23 vun 148 Länner, 2013 ware mer schonn op der Plaz 13 an elo dëst Joer si mer op der Plaz 11. A mir sinn an deene wichtigsten Domänen - well do sinn eng ganz Rei Kategorien - op der Plaz 1 weltwäit wat eis Infrastrukturen ugeet. An dofir mengen ech, dass mer hei wierklech eis Hausaufgabe gemaach hunn an dass mer et zu Lëtzebuerg wierklech fäerdeg bruecht hunn, zu engem internationalen Hub fir ICT ze ginn.

Dir hutt mech awer och gefrot: Wat kënne mer nach maachen, fir eis nach weider ze verbessern? An ech ginn lech och vollkomme Recht. Et ass ëmmer nach e Moyen do, fir sech ze verbessern, fir d'Land nach besser opzustellen.

Dofir géif ech op e puer Saachen agoen. Zum engen, wat elo de Gaming-Beräich ugeet, si mer zënter Kuerzem elo och ganz aktiv op deenen internationale Gaming-Foiren. Ech nennen der dräi: Gamescom zu Köln, ChinaJoy zu Shanghai an G-Star a Korea. Wou ech och wëll soen, dass mer am Moment mat enger ganzer Rei Entreprises aus dem Gaming-Beräich, déi koreanescher Hierkunft sinn, amgaange sinn ze négociéieren, fir déi op Lëtzebuerg ze kréien. An ech géif mengen, dass mer do an deenen nächste Méint eng ganz Rei positiv Annoncë wäerten hu vu weidere Firmen, déi op Lëtzebuerg kommen, speziell eben och aus Korea.

Et ass och esou, dass de ganzen ICT-Secteur, an och de Gaming-Secteur, ee feste Bestandteil ass vun all Wirtschaftsmissioun, déi ech uechtert d'Welt maachen, fir eise Sektor ICT ze verkafen.

An dann hutt Der geschwat vun der Schoul. Ech mengen, dass - wat ech virdru gesot hu vu Kabam, déi d'Land verlooossen, well se net genuch där Kreativer hunn - dat ee reelle Problem ass. Mä awer net nëmme ee reelle Problem, dee mer am Gaming-Beräich hunn, mä ee reelle Problem, dee mer generell am ICT-Beräich hunn, dee mer och am Aérospatial risquéieren ze kréien, nämlech deen, dass mer net genuch Ressourcen hunn, fir an deene Secteuren ze schaffen.

An dofir nach eng Kéier vun deser Plaz aus en Appel, deen ech net midd ginn ze maachen un déi jonk Leit, déi elo deemnächst wäerten hir Premières- oder Tréizièmesexamen maachen, wa se da wëlle studéieren goen, dass se sech wierklech sollen iwwerleeën, ob se dann net Iddi hätten, an ee vun deenen dote Beräicher studéieren ze goen, well dat sinn déi Beräicher, wou mer an deenen nächste Joren nach massiv Aarbechtsplaze wäerte schafen an déi och interessant sinn.

Ech mengen, dee ganzen ICT-Beräich, de Biotechnologieberäich, Ekotechnologien och, den

Aérospatial, all déi Saachen, Ingenieure generell, gi gebraucht, dass déi jonk Leit sech wierklech Gedanke maachen, fir vlächcht déi virgetrëppelt Weeër, wou hir Eltere studéieren gaange sinn, emol ze verlooossen a sech an nei Saachen eranzewoen.

Mir mussen och kucken, wéi mer dann entretemps, bis eis jonk Leit dann dat dote studéiert hunn an och wierklech d'Relève kënne huelen, qualifizéiert Leit kënne aus dem Ausland unzéien op Lëtzebuerg, fir an deenen dote Branchen ze schaffen.

An da wollt ech nach ee leschte Punkt soen. Dir hutt geschwat vun engem Fong, ob et net interessant wär, e Fong opzeleeën. Dat trëfft sech gutt, dass Der déi Fro stellt - a si ass net bestallt, wëll ech hei soen. Mä mir hu viru Kuerzem, wéi mer deen Digital Luxembourg op d'Bee gesat hunn an der Regierung, och gesot, dass mer wëilten e Seed Fund opleeën am ICT-Beräich, fir ebe just de Start-upen am ICT-Beräich - wourënner dann och de Gaming fällt - kënne d'Méiglechkeet ze gi fir en Accès zu Kapital, wat extrem wichtig ass.

Dir wësst, dass mer elo viru Kuerzem de Luxembourg Future Fund lancéiert hu mat ronn 150 Milliounen Euro am Ekotechnologieberäich. Mir hunn de Biotech Fund lancéiert mat 25 Milliounen Euro. An ech mengen, dass et elo un der Zäit ass, dass mer eis och iwwerleeën, ebe just esou ee Seed Fund ze lancéieren am ICT-Beräich. A gitt emol dovunner aus, dass mer dat och wäerte maachen.

Merci, Här Adam.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Dir hutt allen zwee Är Zäit erschëpft.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Den Här Wirtschaftsminister war awer esou komplett a senger Äntwert, datt ech zefridde sinn.

► **M. le Président.**- Wonnerbar. An ech sinn dann och zefridden.

Da kënne mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6315. Et geet do ëm d'Reorganisatioun vum ILNAS, dem Institut mam ganz laangen Numm. De Basismodell ass d'Basis vun der Riedezäit. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, d'Madame Joëlle Elvinger, den Här Henri Kox an den Här Roy Reding. Et ass nach ëmmer Zäit, fir dat ze maachen. En attendant huet de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Haagen, d'Wuert.

5. 6315 - Projet de loi

- **portant réorganisation de l'Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et portant organisation du cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,**

- **modifiant**

* **la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures,**

* **la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits,**

* **la loi modifiée du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie,**

* **la loi du 25 mars 2009 relative à la compatibilité électromagnétique,**

* **la loi modifiée du 27 mai 2010 relative aux machines,**

* **la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets, et**

* **la loi du 21 décembre 2012 concernant les équipements sous pression transportables,**

- **abrogeant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services**

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. De Projet de loi 6315, deen dat bestehend Gesetz vum 20. Mee 2008 iwwert d'Kreatioun vum ILNAS - an de Pre-



sident huet schonn op den Numm higewisen -, den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services abrogéiert, ass den 10. August 2011 vum Wirtschaftsminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Mir hunn also, falls dëse Projet de loi géif votéiert ginn, een neie gesamten Text an domadder een neit Gesetz, dat den ILNAS definéiert an och géréiert.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn hir Avisen zum Projet de loi ginn.

Den 12. Juli 2012 huet déi zoustänneg Ekonomieskommissioun mech als Rapporteur designéiert an huet och direkt mat der Analys vum Projet de loi ugefaangen.

Den 23. Oktober 2012 huet de Statsrot säin Avis ginn an opgrond vun deem Avis an opgrond vun de Remarquen an den Oppositions formelles huet déi zoustänneg Kommissioun d'Amendementer eragereecht. Am Ganzen huet den Échange zwëschen der Wirtschaftskommissioun an dem Statsrot zu véier Avis complémentaires säitens der héijer Kierperschaft gefouert.

Wéi gesot, ass den ILNAS eng Administratioun, déi ënnert der Autoritéit vum Wirtschaftsministère ass an déi den 20. Mee 2008 gegrënnt ginn ass.

An der Wirtschaftskommissioun ass haaptsächlech iwwert déi zukünfteg Struktur, iwwert déi finanziell Gestiou, iwwert de Contrôle politique souwéi iwwert déi ekonomesch Bedeitung a Roll vum ILNAS diskutéiert ginn.

De Fonctionnement vum ILNAS huet zu Lëtzebuerg engersäits de Problem vun de Ressources humaines, déi esou effektiv wéi méiglech mussen schaffen, an anerersäits ass den ILNAS Member vun engem internationale Réseau, dee seng eegen Normen huet a fixéiert an déi den ILNAS forcéiert ass, ze respektéieren. Den Netrespekt vun dësen Norme géif ganz einfach den Ausschluss aus deem internationale Gremium mat sech bréngen.

D'Struktur, wéi gesot, vum ILNAS war e groussen Diskussionspunkt beim Statsrot souwéi an der Kommissioun. D'Onofhängegkeet an d'Impartialitéit um Niveau vun enger Administratioun waren dem Statsrot vu besonnescher Wichtigkeet. Dëst ëmsou méi, well de Regroupement vu verschiddene Fonctiounen a Missiounen zu juristeschen Differenze kéint féieren. Op déi aner Manéier erlaabt de Regroupement vu Missiounen an Departementer natierlech och eng méi effikass Ausféierung, an déi administrativ Prozedur ginn natierlech och méi vereinfacht.

D'Haaptargument vum Statsrot war, dass eben dës Regruppementen vun de Missiounen net matenee juristeschen kompatibel schéngen ze sinn. Dëst Argument ass mat dem Dépôt vum Projet de loi iwwert den Archivage électronique écartéiert ginn. Den Archivage électronique ass elo aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn an ass zu engem eegene Projet de loi ginn, dem Projet de loi 6543, deen den 12. Februar 2013 hei am Haus déposéiert ginn ass. De Statsrot huet sech mat dësem Virgang averstane gewisen.

Här President, dëse Projet de loi gesäit véier haaptsächlech Objektivier vir. An zwar d'Upassung vum Fonctionnement vum ILNAS un déi europäesch Gesetzgebung souwéi un déi europäesch an international Normen. D'Iwwerwaachung vum Marché vun de Produits fabriqués ze verstärken, ass een anert Objektiv. D'Directives «nouvelle approche», déi an der Kompetenz vun der ITM sinn, un den ILNAS ze transferéieren. An zu gudder Lescht d'Grënnung vun engem Bureau national de métrologie.

D'Ofkierzung ILNAS heescht, wéi gesot, Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services. A wéi säin Numm et seet, sinn hei déi verschidde Missiounen schonns bal all ernimmt.

Dëse Projet de loi gesäit fir dës Administratioun sechs verschidden Departementer vir. An dat sinn: een Organisme luxembourgeois de normalisation; een Département de la confiance numérique; een Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance, als Ofkierzung OLAS genannt; een Département vun der Surveillance vum Marché; ee lëtzebuergesche Büro, wéi virdru gesot, vun der Métrologie; an een Département vum Budget an der Administratioun.

Dir Dammen an Dir Hären, als Rapporteur schéngt et mir am wichtigsten ze sinn, de Fonctionnement an d'Missiounen...

(Coups de cloche de la présidence)

...vum ILNAS ze presentéieren. All déi aner technesch a juristeschen Iwwerleeungen an Detailer fannt Der a mengem schrëftleche Rapport souwéi am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi.

Komme mer awer elo zu deene verschiddenen Departementer. Dat éischt Departement vum ILNAS ass den Organisme luxembourgeois de normalisation. D'Attributiounen vun dësem Departement sinn ënner anerem, fir déi offiziell Normen, déi vum Ministère fixéiert ginn, ze iwwerpräiwen. Déi néideg Publikatiounen oder Annulatiounen souwéi d'Transpositioun vun europäeschen Normen am Mémorial si wichteg, fir d'Entreprisé ganz einfach an courant ze halen.

Dëst Departement huet och d'Méiglechkeet, technesch Comitéen an Aarbechtsgruppen, zum Beispill zesummegeat aus Acteuren aus der Lëtzebuurger Wirtschaft, ze grënnen, fir d'Normen ze géréieren.

Lëtzebuerg huet an dësem Domän vun den Normen an den techneschen Réglementatiounen och eng Obligatioun, fir der Europäescher Kommissioun an deenen aneren États membres all Projeten iwwert d'technesch Regele vu Produkter a Services weiderzeginn. Dës Prozedur, déi och vun deenen anere Länner ugewannt gëtt, erlaabt eng preventiv Kontroll vu Produkter a schützt domat déi fräi Zirkulatioun vu Produkter a Services innerhalb vun der Europäescher Unioun.

D'Norme solle keng Brems si fir d'Ekonomie an hir Acteuren, mä si sinn au contraire eng Protektioun fir responsabel Entreprises, an dëst am Sënn vun Consommateur an och, wéi gesot, vum Producteur.

Ee weideren zweeten Departement ass d'Confiance numérique. D'Zoustännegkeet vun dësem Departement ass haaptsächlech, fir d'Kompetenz vun de Prestataire vum Service de dématérialisation ze kontrolléieren, ze garantéieren an ze akkreditéieren. Eng sougenannte Liste de confiance mat Informatiounen iwwert d'Prestitaires de services de certification, déi sougenannte PSC, muss vum ILNAS am Departement Confiance numérique opgestallt an à jour gehale ginn. Op dëser „trusted list“ sinn Zertifikaten, déi vun deem jeeweilegen État membre un nationalen Niveau akkreditéiert sinn.

Een drëtten Departement ass den OLAS, also dat nationaalt Gremium fir d'Akkreditatioun an d'Surveillance vun den Organismes d'évaluation, déi d'Konformitéit vun den Normen iwwerpräiwen. D'Missioun vun dësem Departement ass et, fir d'Organismes d'évaluation unzëerkennen an ze kucken, ob si der nationaler an europäescher Législatioun entsprechen. De Fonctionnement souwéi d'Akkreditatioun vun dësen Organismes d'évaluation si vun dësem Departement virginn. E Règlement grand-ducal bestëmmt de System vun der Unerkennung vun dësen Organismes d'évaluation de la conformité.

Den OLAS assuréiert och um nationalen Niveau déi verschidde Relatiounen, wéi d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun vun deene verschiddene Laboratoire, an organiséiert des Weidere och Auditen iwwert dës Laboratoire.

Dir Dammen an Dir Hären, de véierten Departement vum ILNAS huet als Missioun d'Surveillance vun de Marchéen. Dee ganze Programme de surveillance gëtt um Internetsite, also an der Transparenz, vum ILNAS publizéiert, an et ass kloer, dass dëse Programm vun de verschiddene Ministère an zoustännegen Administratiounen ausgeschafft ginn ass. Déi verschidde Marchée gi vu Gasapparater iwwer Lifter, Miessinstrumenter, Sécherheet vu Spillsaachen a Sécherheet vun all méigleche Produkter, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Am Fall vun engem Accident, duerch dee kierperlech Schied géifen entstoën, muss d'Sécurité sociale dem Département de la surveillance vun dem ILNAS dëst direkt mellen. Dës Informatioun geet weider un den zoustännegen Vertrieeder vun der Regierung souwéi un de concernéierten Direkter vun der zoustänneger Administratioun. Den Département de la surveillance géréiert och um nationale Plang ee Système d'alerte rapide vun der Europäescher Unioun, de sougenannten „RAPEX“, an dat am Fall vun esou engem Incident.

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Iwwerwaachung vun de Marchée vun der ITM, dem ILNAS, dem Commissariat aux affaires maritimes, dem Wirtschaftsministère, dem Ministère de la Santé, dem Aarbechtsministère an dem Ministère du Développement durable et des Infrastructures assuréiert.

Als Beispill: Am Joer 2010 sinn 48 verschidde Geschäfte kontrolléiert ginn. Ronn 250 Produkter si méi genau kontrolléiert ginn. 18 Artikelen si

verbuede ginn. 1.985 Notifikatiounen iwwert den europäeschen Warnsystem sinn traitéiert ginn. Sechs Produkter, déi ënnert d'Direktiv vun der Sécurité générale des produits falen, si vum Maart geholl ginn. 27 verschidde Spillsaachen sinn ënnersicht ginn, woubäi sech erausgestallt huet, dass 20 Spillsaachen net konform waren.

Här President, de fënneften Departement ass nei, an zwar dee vun der Métrologie, deem seng Missioun et ass, Normen, dat heescht Wäerter ze fixéieren, ze ënnerhalen, ze verbesseren, an dëst en fonction vun de Gebräicher am Land, an dann och hir Uwendung un déi international Wäertunitéiten an Normen ze assuréieren.

Lëtzebuerg ass nach eent vun deene wéinegste Länner an Europa, wat nach kee Bureau national de métrologie huet. Dëse Bureau de métrologie begräift all Zorte vu Métrologie, dat heescht déi wëssenschaftlech, déi industriell oder déi legal. Mir si mat Zypern nach dat eenzegst Land an der Europäescher Unioun, wat net associéiert ass an der Conférence générale des poids et mesures a wat d'Convention du Mètre nach net ënnerschriwwen huet.

Souwuel um wëssenschaftleche wéi och um ekonomesche Plang ass ee Bureau de métrologie immens wichteg, dëst och am Sënn vun den aktuellen a potenzielle Laboratoire hei am Land. Den Departement vun der Métrologie kann nei Normen aféieren a muss och d'Gesetzgebung uwennen, zum Beispill wat d'Methode vum Weie vun Artikelen ugeet, wéi gewie gëtt, wéi kontrolléiert gëtt, wéi een een Artikel iwwerhaapt kann erfassen, an dëst ëmmer am Sënn an am Intérêt vum Consommateur a vum Producteur. Et versteet sech vum selwen, dass dës Kritären den internationale legalen Unités de mesure entspréche mussen an hinne Rechnung droe mussen.

De sechsten Departement vum ILNAS ass den Departement vum Budget a vun der Administration, dee sech duerch d'Terminologie scho selwer erkläert.

Här President, zum Schluss ass nach ze bemerken, dass den ILNAS fir eis Lëtzebuurger Ekonomie an hir Acteure wichteg ass. Mir hu momentan ee gewësse Retard par rapport zu anere Länner, haaptsächlech den asiatesche Länner. Lëtzebuurger Entreprisé mussen a solle sensibiliséiert ginn, dass, wa si vun Ufank un un der Schafung vun internationalen Normen mat schaffen, si direkt kënnen ee grouse kompetitiven Avantage hunn. Dat ëmsou méi, well déi Mataarbecht zu Lëtzebuerg gratis ass, wat an anere Länner net ëmmer de Fall ass. Dëst ass besonnesch ee grouse Virdeel fir d'PMEn, dat heescht déi sougenannte kleng Entreprises.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren, an ech bréngen heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Ech wëll just d'Kolleginnen an d'Kollegen drop opmierksam maachen, dass am Moment e bëssen ze vill Gegommels am Sall ass an dass dat de Riedner extrem stéiert.

(Interruptions)

Ech géif dann den nächste Riedner bidden, op d'Riednerpult ze kommen. An dat ass keen anere wéi den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kann hei vu menger Plaz aus e puer Wuert soen. Fir d'Alleréisch, fir nach eng Kéier ze betounen dat, wat de Rapporteur elo scho gemaach huet, dass dëse Projet eng relativ laang parlamentaresch Vergaangenheet huet an dass et selten e Projet gëtt, deen esou oft vum Statsrot aviséiert a réaviséiert gëtt; am Ganze véiermol.

Dat mécht de Mérite vum Rapporteur ëmsou grouss, well deen huet sech hei missen an engem technesch äusserst komplexen Ëmfeld erëmfannen. An en huet haaptsächlech eng gutt Konditioun gebraucht, fir dat duerchzéien. An duerch seng Qualitéiten, déi mer un em kennen, hat en och keen allze vill grouse Problem, fir dat ze maachen. Duerfir ee ganz grouse Merci dem Rapporteur. Mir wäerte bien entendu eis Zoustëmmung zu deem Projet do ginn.

Ech hätt awer just vläicht eng allerlescht Remarque an éischerter eng Fro un den zoustännegen Minister, well an deem Projet och d'Réglementatioun vun der Akkreditatioun a vum Contrôle vun de Prestataires de services am Commerce électronique geregelt gëtt, wat eigentlech eng ganz wichteg Roll vun deem ILNAS ass.

An an deem Kontext schéngt mir, an ech si bestëmmt do net deen Eenzege, déi Meezung gëtt sécherlech vun deene meeschte vun

de Kollegen och hei gedeelt, ass den Dateschutz och essenziell.

An do ass eigentlech meng Fro, Här Minister, inwiefern elo den ILNAS an Zukunft och mat der Commission nationale de la protection des données do zesummeschafft, wat effektiv d'Akkreditatioun an d'Surveillance an de Contrôle vun deene Prestataires de services ugeet.

Dat gesot, nach eng Kéier ee ganz grouse Merci a Félicitatiounen un de Rapporteur, a mir wäerten dee Projet mat Begeescherung stëmmen.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet d'Madame Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz wëll ech kuerz op den allgemene Kader vum Gesetzestext iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS agoen, ouni awer dobäi an d'Déift vun den techneschen Detailer ze goen, well de Rapporteur dat jo schonns ausféierlech gemaach huet.

Den ILNAS, oder Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, ass eng Entitéit, déi vläicht net esou bekannt ass, mä awer wichteg Fonctiounen iwwerhëlt, an dat am Beräich vum Opstellen an Erhale vun national an international unerkannten Normen.

Dës Norme kënnen vu ganz ënnerschiedlecher Natur sinn, mä et geet ëmmer dorës, e bestëmmte Standard oder Referenz bei verschiddene Produiten anzeféieren a sécherze stellen.

Ech wëll lech an deem Sënn e puer Beispiller ginn, dat einfachste Beispill vläicht ass Éischt: Mir wëssen alleguerten, wat en DIN-A4-Blat ass. Et ass e Blat, wat der Norm DIN A4 entsprécht, oder deem seng Dimensionen 210 op 297 mm entsprechen. Dës Norm, déi schonns an den 20er Joren agefouert gouf, mécht eis d'Liewe méi einfach, andeems mer alleguerten direkt wëssen, wat gemengt ass. Awer och sinn zum Beispill d'Imprimanten op dëse Pabeier ausgeluecht, soudass een direkt am Buttek weess, dass d'Imprimante, déi ee kafe wëllt, och DIN-A4-Pabeier bedrécke kann.

En anert Beispill betrëfft d'Fernseher. Wa mer haut an e Geschäft ginn, da fanne mer verschidde Modeller, wat d'Qualitéit vum Bild ugeet. Et gëtt zum Beispill „high definition“, „ultra high definition“ a 4K-Resolutionen. Och hei verstoppe sech hannert dësen Nimm technesch Elementer. Si ginn dem potenzielle Keefer awer eng schnell Indikatioun, wat hie sech à propos Bildqualitéit vum Fernseher erwaarde kann.

Här President, ech mengen, dës Beispiller illustéieren op eng einfach Manéier, dass esou Normen, wéi den ILNAS se produzéiert, e Bestanddeel vun eisem Zesummeliewe sinn. Well sech d'Technologien awer ëmmer weiterentwickelen, wéi zum Beispill bei den Tëleén, muss den ILNAS mat dësen Evolutionen Schrëtt halen. Folglech ginn et och ëmmer nei Entwécklungen um europäesche Plang, wat dës Normen ugeet, un déi sech den ILNAS upasse muss. Et ass genau an dësem Zesammenhang, wou de Gesetzestext, iwwert dee mir de Mëtting schwätzen, sech positionéiert. Et geet drëms, den ILNAS ze reorganiséieren, soudass en den aktuellen Ufuerderunge vun enger Wëssensgesellschaft ka gerecht ginn.

Här President, et ass wichteg, dass mir haut de Mëtting dësem Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung ausschwätzen, well et e Gesetzestext ass, vun deem immens vill Betriber profitéieren, fir sech weiderzëntwickelen, a vun deem Privatpersounen profitéieren, wa se Produite kafen a benotzen.

Ech wëll och op dëser Plaz dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellenten an ausféierleche schrëftleche wéi och mündleche Rapport. An ech ginn och heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Elvinger. Dann huet d'Wuert den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Majo, Här President, och vun der grénger Fraktioun wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftleche Rapport an och säi mündleche Rapport. En huet op déi Problematik higewisen, insbesondere, wat d'Struktur vun dem ILNAS ugeet. Doriwwer ass effektiv schonns an der leschter Legislatur debattéiert ginn. Dës Kéier hu mer eng gutt Léisung fonnt. Dofir Merci nach eng Kéier fir d'Ausdauer. An domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

► Plusieurs voix.- Très bien!



► **M. le Président.**- Merci dem Här Kox. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, och vun eiser Säit aus kann een nëmme feststellen, dass alles gesot ass. En häerzleche Merci un de Rapporteur. Ech schléisse mech ganz gär am Numm vun der ADR all deene luewende Wierder un, déi de Rapporteur sech verdéngt huet. Och vun eiser Säit aus eng ganz grouss Zoustëmmung zu deem Gesetz.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Den Här Turpel huet d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Jo, ech brauch net méi ze erklären, wéi wichteg datt d'Normalisatioun ass an de Contrôle och vun der Qualitéit vu Spillsaachen op europäescher Ebene, och d'Sécherheet vun den elektreschen Apparater. Also, alles dat mécht scho Sënn, soulaang wéi mer net bei d'Krëmmt vun de Bannan kommen, mä hei geet et jo net dorëms. Hei geet et jo ëm sënnavoll Standarden, Sécherheetsnormen, déi musse kënnen kontrolléiert ginn, geregelt ginn an esou weider.

Et si just e puer Saachen, déi mech e bësse beonrouegen am Projet, esou wéi en elo virläit. Dat eent, dat ass de Rôle vun der ITM, déi hei eng Rei Aufgaben ewechgeholl kritt. Pour cause, well se do mat Contrôle befaasst war, déi se näischt uginn. Am Artikel 22 geet och Rieds vun den Accidenter, iwwert déi d'ITM bis elo informéiert ginn ass a se elo net méi informéiert ginn ass. Ech weess net, ob dat esou gutt ass.

Dat Zweet, wat mech beonrouegt, dat ass, datt mer wëssen, datt d'Struktur net genuch Personal huet. An dat ass jo och erkläert an den Exposé des motifs, an do soll dann d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir op Sous-traitanten, op Privatfirmaen zrëckzegraifen, wat ech net onbedéngt esou eng gutt Iddi fannen an esou engem wichtige normative Beräich.

An zum Schluss wëll ech soen, datt mir trotz deene Froen a Bedenken de Projet stëmmen, weinst senger gesamter Wichtigkeet an och an der Perspektiv an an der Expectative, datt déi Normen, déi hei kontrolléiert ginn, net hifälleg ginn, wa mer ee Fräihandelsofkommes kréien, wat dorobber erausleeft, fir déi Saachen hei ze ënnerwanderen. Mä wann ech d'Sensibilitéit vun den Deputéierte kennen, fir dat alles ze halen, dann dierft ech mer do eigentlech keng Suerge maachen an da misst eigentlech den TTIP scho laang um Tipp leien, da bräichte mer net méi driwwer ze schwätzen.

Merci.

► **M. le Président.**- Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun. An d'Wuert huet elo de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Al-léréischt dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mer och erlaabt, dass ech hei stoe bleiven an net muss no vir kommen, fir nach weider vill Explikatiounen ze ginn, well dat alles ganz gutt erkläert war. Et ass effektiv en héich technesch Dossier.

Ech wëll just kuerz op déi Fro agoe vum honorabelen Deputéierte Mosar. Et ass esou, dass dat heite Gesetz de Grondstee leet fir de Contrôle vun der Akkreditatioun. An all weider Zesummenaarbechten, zum Beispill wat den Dateschutz ugeet, ginn herno iwwer Lois spéciales gemaach. Dat war och an den Diskussiounen mam Statsrot eng Fuerderung, fir ze soen: Dir kënnt dat net elo alles an ee Gesetz maachen, Dir musst dat au cas par cas maachen.

An da vläicht zum Här Turpel. Ech mengen, déi Zesummenaarbecht, déi mer hei ustriewe mam Privatsektor a verschiddene Punkten, dat hëlleft eis effektiv méi effikass kënnen virzegoen, méi effikass kënnen ze schaffen an och kënnen Käschen ze spueren. Ech hunn do keen Zweifel, dass dat positiv wäert verlafen.

Op dem Här Turpel seng Uspillung, wat den TTIP ugeet, ginn ech elo léiwer net an, well soss misst ech awer no vir kommen, an dat erspueren ech mer hei.

Ech wëll nach just op dëser Plaz dem Direkter vum ILNAS, dem Här Reiff, an och hirem Jurist, dem Här Gudmannsson, e grouse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se hei geleescht hunn, well ëmmerhin ass et net nëmme eng Modifikatioun vun engem Gesetz, mä mir hu carrément dat ganz Gesetz, wat bestanen huet mat all deenen Onmasse vu Reglementer, op den Tipp geheet an alles komplett nei verfaasst, wat keng einfach Aufgab ass.

Dofir ee grouse Merci u si an och un hiert ganz Team. Merci lech.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Wirtschaftsminister. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6315 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6315 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet 6315 ass unanime ugeholl mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet vun eise-m Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6673 iwwert déi fräi Zirkulatioun vun de Leit an d'Immigratioun. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel.

6. 6673 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här Minister, léif Kollegeinnen a Kollegen, dëse Projet huet den Aussen- an Im-migratiounsminister den 31. Mäerz hei an der Chamber déposéiert. Direkt ee Mount drop koum den Avis vum Statsrot an dunn hu mer an der Kommissioun och ganz séier geschafft a mir konnten de 5. Juni de Rapport an der Kom-missiouen unhuelen.

Wourëms geet et heibäi? Et geet ëm dräi punktuell Modifikatiounen vum Immigratiounsgesetz, wat mer jo hei am Joer 2008 unanime an dëser Chamber gestëmmt hunn. An dës Modifikation war néideg, well d'Europäesch Kom-missiouen eng Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun der sougenannter Directive «retour» gemaach huet. An dofir hu mer missen e puer Punkten hei änneren.

D'Regierung huet de Projet de loi also ganz séier op den Instanzewee geschéckt, fir ebe just deene Remarquë vun der Kommissioun Rechnung ze droen a fir d'Ouverture vun enger Procédure d'infraction, esou wéi den Artikel 258 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne dat virgesäit, fir dat alles ze ver-hënneren.

Den éischte Punkt vun deenen dräi Punkte weist, dass et sech wierklech nëmme ëm eng minimal Modifikatioun handelt. D'Directive «retour» fërdert d'Méiglechkeet vun den Dé-parts volontaires. An an deem Kontext regelt se och am Artikel 8 den Délai fir deen Départ volontaire an och d'Verlängerung vun deem Délai, an ech zitieren: «...en tenant compte des circonstances propres à chaque cas, telles que la durée du séjour, l'existence d'enfants scolarisés et d'autres liens familiaux et sociaux».

Or, am Lëtzebuerger Gesetzestext, am Artikel 111 vum Immigratiounsgesetz stinn dës Bei-spiller net dran. An dat war och deemools vun eis esou hei gewollt, well dee Moment, wou den initialen Text formuléiert gouf, huet de Statsrot regelméisseg eis drop opmierksam ge-maach, dass mer keng Beispiller a Gesetzestex-ter sollen opzielen. En huet dat kritiséiert. An en huet awer elo, wéi en dësen Avis gemaach

huet, Verständnis dofir gewisen. A mir hunn elo eben déi betreffend Dispositiounen opgrond vun deene Remarquë vu Bréssel an den Text ageschriwwen, wat souwéisou bei der Ëmset-zung vun deem Text a wat an der Praxis souwéisou ëmmer hei zu Lëtzebuerg esou ge-maach ginn ass, wéi et och elo do steet. Et än-nert sech also an der Praxis näischt.

Den zweete Punkt betrëfft Fäll, wou niewent enger Décision de retour och eng Interdiction d'entrée sur le territoire prononcéiert gëtt. De betreffenden Artikel 112 Paragraph 1 am Im-migratiounsgesetz gëtt also komplettéiert an deem Sënn, dass eng Persoun, géint déi eng Interdiction d'entrée sur le territoire ausge-schwat gouf, doriwwer informéiert muss ginn, dass hir Donnéeën an de Schengener Informa-tiounssystem SIS II komme wäerten.

Och den Inhalt vun där heiter Demande vun der Kommissioun geet eiser Meenung an och der Meenung vum Conseil d'État no net kloer aus der Direktiv ervir. Mä d'aussepolitisch Kommissioun hat awer kee Problem, dës Dis-position am Sënn vum Text vun der Eu-ro-päescher Kommissioun ze änneren.

An dann déi drëtt Ännerung, dat ass eng Modi-fikatioun vum Artikel 140 vum Immigratiouns-gesetz, déi weinst enger Jurisprudenz vun der Cour de justice vun der Unioun geännert muss ginn. An an deem betreffenden Arrêt, do schwätzt d'Cour sech géint penal Sanktiounen weinst engem Séjour illégal géint Persounen aus, déi aus Drëttstate kommen, wann net d'Prozedur aus der Direktiv komplett appli-zéiert gouf, dat heescht, wann d'Mesures coer-citives aus dem Artikel 8 vun der Direktiv net ugewannt goufen oder, am Fall vun der Réten-tioun net eriwwer ass. Deen neien Artikel 140 limitéiert also penal Sanktiounen op déi Fäll, bei deenen eng Procédure de retour applizéiert gouf an deejeinegen illegal am Land bleift, ouni e Motiv fir en Non-retour ze hunn.

Voilà, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, hoffen ech natierlech, dass mer dëse Projet de loi kënnen unanime stëmmen, an ech ginn domadder och den Ac-cord vun der sozialistescher Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rap-porteur. Ech hu Wuertmeldungen, hei op dëser Säit vum Här Wiseler.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo. Just, Här President, ganz kuerz, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir dee Rapport. Et ass effektiv hei jo eng Adaptatioun vum Text, déi noutwendeg ginn ass duerch d'Evaluatioun, déi d'Euro-päesch Kommissioun gemaach huet. An et si minimal Modifikatiounen, déi hu missen och schnell gemaach ginn dofir haut hei. Mir wëssen awer, datt och nach eng ganz Rei aner Ännerungen an deem Gesetz hei virgesi sinn. Mir waarden och mat Spannung drop, datt déi Ännerunge kommen, déi eis och als wichteg erschéngen.

Ech wollt also och a kuerze Wierder just den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text ginn.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wiseler. Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här Presi-dent. Ech wäert mech och ganz kuerz halen. Effektiv war hei eng gewëssen Urgence a mer sinn och ganz frou, datt d'Regierung hei schnell agéiert huet, fir déi puer kleng Adap-tatiounen, Modifikatiounen kënnen eranzeginn. Hei an der Chamber hu mer och dat schnell evakuéiert. Duerfir jiddwerengem Merci, deen dorunner geschafft huet. Besonnesch awer dem Rapporteur wëll ech Merci soe fir seng gutt Aarbecht an och säi gudden, kuerzen, mä awer pertinent Bericht. An deem Sënn wëll ech och natierlech den Accord vu menger Frak-tioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Ber-ger. Dann huet d'Wuert gefrot den Här Karthei-ser.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Här President!

► **M. le Président.**- Ah, entschëllegt. Entschëllegt!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech hat ge-mengt, mir wieren agedroe gewiescht. Ech wollt och kuerz...

► **M. le Président.**- Selbstverständlech hutt Dir dann d'Wuert, Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir ännere mat dësem Gesetz dräi

Dispositiounen am Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'libre circulation vun de Persou-nen an iwwert d'Immigratioun. De Rapporteur huet et gesot, mir reagéieren domadder op Observatiounen vun der Europäescher Kommis-sioun. An datt eng gewëssen Urgence do ass, ass och gesot ginn. Soss géife mer riskéieren, eng Procédure d'infraction ze kréien.

Ech brénge fir déi gréng Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi. Ech wollt dem Rap-porteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftle-chen a mëndleche Rapport. An ech wëll awer och all deene Leit heibannen an dobaussen, déi mengen, et misst ëmmer alles direkt a matenee geschéien, soen, och als Majoritéitsdeputéier-ten, datt mer heimadder net alles réaliséieren, wat am Regierungsprogramm zum Thema Im-migratioun steet. Ech ginn och elo net an den Detail an. Ech mengen, den Här Wiseler huet et ugeschwat. Fir 2015 ass e Gesetz ugekënnegt. Do waarde mer drop. An ech mengen, mir sinn eis och alleguerte bewosst, datt mer Immigra-tioun an Integratioun net kënnen lassgeléist vun-enee kucken.

Mir sinn eis bewosst, datt Mënschenhandel an illegal Immigratioun e Problem sinn. Ech sinn awer och der Meenung, dat een net soll iwwer-dreiwen. Et kann een et awer och net né-gligéieren. Mir brauchen e Kader fir eng legal Immigratioun, an Europa an och zu Lëtze-buerg. D'Lëtzebuerger Regierung soll sech op europäeschem Niveau derfir setzen, datt d'Immigratiounspolitik vum Prinzip vun de Mënscherechter an dem Respekt virun der Mëschewürd gefouert gëtt. Wéi gesot, 2015 solle mer dann en neit Gesetz kréien.

Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, dat déi meeschten Demandeurs d'asile kritt, natierlech par rapport zu den Zuele vun den Awunner. An datt d'Gemenge sollen hir Verantwortung iwwerhuelen, steet och am Regierungspro-gramm. Merci all deene Gemengen, déi dat bis elo scho gemaach hunn. Ech mengen, et sinn der eng Rei. An datt der nach eng Rei nokom-men, dat steet och dann nach aus.

Duerfir, wéi gesot, dee Projet de loi hei kritt den Accord vun der grénger Fraktioun, mä do-madder ass d'Thematik net ofgeschloss.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Adam. D'Wuert huet den Här Kartheiser an duerno den Här Urbany.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit aus och e Merci un de Rapporteur. Mir stëmmen dat Gesetz mat. Mä firwat stëmmen mer et mat? Well déi drëtt Modifikatioun, den Artikel 140, do ass effektiv Substanz dran.

Mä ech mengen, mir sollten dësen Text emol eng Kéier kucken, fir e Liicht ze werfen op d'Re-latioun zwëschent der Europäescher Kom-missiouen a Lëtzebuerg.

Wat sinn déi Punkten, iwwert déi mer hei esou séier ewechginn? Wat kréie mer reprochéiert vun der Europäescher Kommissioun, fir dann eventuell eng Infractionsprozedur unzeféie-ren?

Dat muss ee sech emol virstellen, wat hei vun eis verlaangt gëtt! A wéi mir hei follege géint-iwwer der Europäescher Kommissioun wéi e Schoulbouf sengem Schoulmeeschter! Ech ginn lech dat emol nach eng Kéier, den Här Angel huet et zwar gutt proposéiert, mä loosse mer et nach eng Kéier emol kucken.

Also, dat Éischt ass, datt mer sollte Beispiller an en Text setzen, wou mer eng gutt Formu-latioun am Gesetz haben. Mir haten eng all-gemeng Formulatioun: «eu égard à la situation personnelle de l'étranger». An elo solle mer e puer Beispiller dohisetzen, vun deenen de Statsrot, mat Recht, ëmmer gesot huet, mir sollte keng Beispiller an e Gesetzestext stellen. Dat ass eng mauvaise Technique législative. Dat wësse mer jo all heibannen. A mir hunn dat jorelaang hei praktizéiert.

Elo, well d'Europäesch Kommissioun mengt, do sollten esou Beispiller drastoen, well dat eng Valeur indicative et illustrative hätt, mä all Bei-spill huet par définition eng Valeur indicative et illustrative, dat ass de Propre dovun, d'Defini-tioun dovun, aucune valeur ajoutée, an da soe mir: Ah jo, majo, dann ännere mir hei eis Technique législative hei am Land, well Dir dat mengt, an da schreiwe mer dat dran. Dat, fan-nen ech, ass séier ëmgefall. An esou séier soll een net ëmfalen.

D'selwecht bei deem zweete Kommentar. Den Här Angel huet dat jo och gesot. Elo musse mer draschreiweneppes, wat iwwerhaapt net